Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs A.s.b.l.

placée sous le Haut-Patronage de S.A.R. le Grand-Duc Jean† de Luxembourg
affiliée à la C.I.P.S. et au C.O.S.L.

47, rue de la Libération L-5969 ITZIG Tél. 36 65 55 http://www.flps.lu E-Mail : secretariat@flps.lu

Itzig, den 30. Dezember 2021

Un d'Comitéen
vun den FLPS Vereiner, de Sektiounen, den Ententen an de Kommissiounen

Léif Frënn

Ech hätt am Joer 2019 nët geduecht, dat 2020 an 2021 esou génge verlafen, wéi mir et erlieft hun. Et waren zwee Joer, an deenen Verbands- an d'Vereinsliewen hu missen reduzéiert gin.

Am Joer 2021 hut dir et awer fäerdeg bruecht, fir d'Aktivitéiten neess deelweis opzegreifen a fir unzekneppen un dat, wat wärend Jorzéngten Normalitéit wor an eise Sektiounen, an der Vereinsmeeschterschaft, an ären internen Aktivitéiten.

Ech wëll heimatt allen Organisateuren mei Respekt ausdrecken fir hiren Engagement a fir déi vill Méi, déi et kascht huet, fir d'Pandemie-Virschrëften ze respektéieren. Respekt awer och fir d'Fëscher, déi sech de Virschrëften, déi fir eis Fëscher munchmol schwéier nozevollzéien waren, ugepasst hun.

Ech soe Merci fir de Geescht vu Solidaritéit, duerch deen d'Liewen an eiser Federatioun nët ofgestuerwen ass. Gët dëse grousse Merci un är Membere weider. Eisen Hobby, eise Sport dierf nët Affer vun enger Pandemie gin, déi riskéiert eist soziaalt a wirtschaftlecht Liewen ze zerstéieren.

2022 gët secher een entscheedend Joer! Ech sin zouversiichtlech, dat aleng d'Wëssenschaft, verbonnen mat der Disziplin vun eis all, an eng besser Zukunft féiere kann.

Ech wënschen e glecklecht neit Joer, fir iech perséinlech, fir är Famill, Frënn a Bekannten. Loosse mer mat Optimismus eragoen, mat neier Energie a Virfreed op schéin Erliewnesser um Waasser mat de Kolleginnen a Kollegen.

Jos Scheuer / President vun der Lëtzebuerger Sportfëscherfederatioun